| AMICALE LTPEM | Info - Blat | No 36<br>Juni 2023 |
|---|---|---|
| 1933 – 2008<br>75 Joer Amicale | Amicale des Anciens Elèves de<br>l'Institut et du Lycée Technique Privé<br>Emile Metz asbl | www.amicale-ltpem.lu<br>amicale@amicale-ltpem.lu<br>CCPL LU65 1111 0233 3353 0000 |

## Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Eng grouss Vakanz steet virun der Dier, e Schouljoer geet nees ob en Enn. Zäit ass do fir e klenge Bericht ze maachen vun onsen Aktivitéiten aus der éischter Hallschent vum Joer 2023.

---

## 19. Januar 2023 – Generalversammlung am Restaurant Scolaire.

44 Membere vun der Amical hunn zesummen e flotten Owend verbruecht, ënnert hinnen :
Här Thill Pascal, Direkte LPEM, Här Tissier René, Éierendirekter LPEM

Nodeems den offiziellen Ordre du Jour no Plang ofgehale gouf, souze mir esou wéi an der Vergaangenheet bei Crémant, Buffet froid, wäissen a roude Wäin, Kaffi an Dessert, nach e puer Stonnen zesummen.



Eis Aktivitéiten waren :
4 Comitéssëtzungen
Generalversammlung
Eisekuchstand ob der Porte ouverte
Remise des Certificats am Tramsschapp. 2 Élèves méritants kruten en Don vu je 100 €
Visitte zu Marteleng am Schiffermusée

**Keesebericht:**
Recetten 3642,06 €, Depense 2812,40 €
D’Keeserevisore Legille Pierre an Urbani Georges hunn d’Kees kontrolléiert, a si bereet weider ze fueren.

De Comité setzt sech aus dëse Memberen zesummen :
Bressanutti Alphonse President, Warling Joe Vizepresident, Thill Dan Secrétaire, Herrmann Joe Tresorier, Thill Roger Tresorier adjoint, Biever Jean, Streff Marco, Beidler Mike, Braun Mike, Costantini Tessy, Kirsch Siggy, Kohn Jean-Jacques, Ley Luc, Molitor Bert



Schlusswuert vum Direkter Här Thill Pascal seet der Amicale Merci fir dat Engagement wat si zanter Jore fir d’Schoul mécht a wënscht vill Succès vir d’Zukunft.

De genëssege Buffet gouf vum « Schoulkach » Fabrice a senger Équipe preparéiert.
Fir de Fabrice sollt et dann och di leschte Kéier sinn, d’Platen fir d’ AG vun der Amicale ze préparéieren. Hien ass no iwwer 20 Joer Kach am LPEM de 15. Mee 2023 a seng wuelverdéngte Pensioun gaangen. D’Amicale wënscht him alles Guddes fir seng Zukunft.



**1.Abrëll 2022 Journée Commémorative à l'intention de Madame Vve Emile Metz – Tesch.**
Eise Vizepresident Här Warling Joe huet d'Amicale vertrueden.

---

## 14.Mee 2022 - Grouss Porte Ouverte



Bei der grousser Porte Ouverte, waren eis Eisekuchen an 3 Variatiounen erhältlech: mat Zocker, mat Äerdbier an mat Äerdbier a Schmant.
141 Eisekuchen huet d' Amicale verkaft.

Nieft den traditionelle Visitten duerch déi verschidde Schoulgebaier stoung dëst Joer e mi speziellt Evenement um Programm, wou och e Comitésmember vun der Amical matgewierkt huet. Am Kader vun de MINT-Fächer an Zesummenaarbecht vu concernéierte Klassen a Enseignanten ass en LPEM Stratosphäreballon an d'Luucht gelooss ginn. Eng impressionant Héischt vun iwwer 36Km huet de Ballon erreecht. E flotte Bericht an en intressante Video vum Fluch kann een um Site vum LPEM gesinn:
https://lpem.lu/der-stratospharenballon-des-lpem/

- Eng Occasioun, esou en LPEM Stratosphäreballon LIVE an d'Luucht goen ze gesinn huet een ob der Foire Agricole Ettelbruck, **Samschdes den 01.07.2023 géint 11.30.**










## Aktivitéit fir 2023:

**30.09.2023 (save the date!)**

Visitt vum Waassertuerm am Ban de Gaasperech
& Distillerie Muller-Lemmer zu Conter.

Distillerie
MULLER - LEMMER



**Léif Memberen,**
**Mir wënschen Iech an ärer Famill eng schéin an erhuelsam Summervakanz.**